ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister iwwer d'Kommunikatioun vum Verdeedegungsministère weiderzeleeden.

Am Rumm vun den Taliban hirer Avance an Afghanistan, huet de Lëtzebuerger Verdeedegungsministère laang net kommunizéiert. Et ass eréischt op Nofro, datt ee gewuer ginn ass, datt Lëtzebuerg keng Afghanen am Déngscht vun dem Lëtzebuerger Contingent agestallt hat.

No der Victoire vun den Taliban, ass alt nees net kommunizéiert an domat Spekulatioune iwwer méiglech humanitär Operatioune an en Asaz vum A 400 M fräie Laf gelooss ginn. A wéi dunn e Kommunikee koum, do stoungen och nach operationell Detailer dran, déi net fir d'Ëffentlechkeet geduecht waren, an eng Reaktioun vu Nato-Responsabelen no sech gezunn hunn.

An deem Zesummenhank hunn ech dës Froen un den Här Verdeedungsminister:

1. Firwat huet de Verdeedegungsministère d'Situatioun am Afghanistan kommunikatiounstechnesch net besser begleet, och wat d'Virbereedung vun engem méiglechen humanitären Asaz mat Bedeelegung vum A 400 M ugeet?
2. Wéi ass et méiglech, datt de Lëtzebuerger Kommunikee Detailer opdeckt, déi vun der Nato offensichtlech als operationell kritesch agestuuft gi sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**